
JESUS! MARIA! JO'SEPH!



Zum Undenken

un onse l'ewen onvergiesslече Mann a Papp

*Alphonse Guillon*

*Mann vum Marg. Funck*

*Cafetier*

gestuerwen zu Strôssen, den 22. Januar 1947, no lânger Krankhét, am Alter vu 44 Jôer, versinn mat den hl. Stierwsakramenten.

ST. PAULUS-DRÉCKEREI, LETZEBURG

†

Villdausend gudd an trei Letzeburger sin an an der Friemt um Verlângeren no der Hémecht gestuerwen. Si hâten e batteren Do'd, well se d'Bild vun hirem Land virun den Ae gedroen, ower net den Otem vu Letzeburg gespîrt hun, we' hîrt Hierz de' lèscht Schle' gedoen huet, Me' schwe'er nach ass d'Stierwe vun dénen, de' aus dem deitschen Zwank erem zreck an d'Hémecht ko'men, a gezéchent woren vun der se'lèscher No't, mat dér d'Onmënschlechkét si fir ëmmer bere'ert hât: den Doft vu Letzeburg wor ëm se, si hu seng Krâft a seng Se'ssegkét gespîrt, mé Hierz a Se'l an Hals a Longe woren iwervoll vum Göft, dat Léd a Schmierz aus friemer Hand a friemem Land erfierbruecht hâten. De rengen Doft ass net me' op de Fong komm, wo' en d'Liewen erem matt Loscht a Fréd, mat Lîcht a Gleck erföllt hätt. Eso' sin der vill dohém de schwe'ersten Do'd fir d'Hémecht gestuerwen. An onser Erënnerong sti si uewen, an d'Gloire vum Land ëmstrôlt se ganz.

---

Bârmhiérzegkêt fir hién, le'we Jesus!
Schenk him d'e'weg Ro', le'wer Herrgott!
Ste' him bei an der E'wegkêt, le'f Gottesmamm!